



N° 7357
Entrée le 12.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.12.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesches fir Justiz weiderzeleeden.

Bei dem *Dossier de protection jeunesse* handelt et sech ëm Dossiere vu Kanner, déi an enger Institutioun placéiert ginn, well e Jugendriichter eng physisch, psychesch oder moralesch Gefor fir si an hirem aktuellen Ëmfeld gesäit. D'Gesetz gesäit fir, dass dës Dossieren ab dem Zäitpunkt vum Placement all dräi Joer vum Jugendriichter musse kontrolléiert ginn, fir ze kucken, ob de Besoin vun engem Placement vum Kand nach ëmmer noutweneg ass oder net.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesches dës Froe stellen:

1. Zënter 2010 an opgelëscht pro Joer, a wéi ville Fäll goufen dës Kontrollen no dräi Joer net gemaach?
2. Wat sinn d'Grënn dofir, dass dës Kontrollen net ewéi vum Gesetz virgesinn, gemaach goufen?
3. A Fäll, wou dës Kontroll no dräi Joer net gemaach gouf, wat fir Méiglechkeeten hunn déi biologesch Elteren oder aner Familmemberen, fir esou eng Kontroll an d'Weeër ze leeden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

